

## Allerhand Sprooch-Gackelcher

Bis 1984 ass eis Sprooch am Fong eppes gewiescht, dat esou 'niewendru gela'f' ass, souzesoen en 'Epiphenomàn', eppes aus deer zweeter, drëtter Rei, wann ee vun deene 'wichtigten' Elementer vu eiser Eegenart ausgaang ass... bis op den 10. Oktober 1941, wou d'Nazi-Preisen äis mat deer ominöser 'Personenstandsaufnahme', am Fong en hannerwännege Referendum iwwer eis 'Muttersprache', gekeddelt an op de Beemche gedriwwen hunn. Virdrun, leider och duerno, hunn op d'mannst (och!) 98% vun de Lëtzebuenger hir Heemechtssprooch erëm als Heeschekand gekuckt:

Wien huet sech da schon zerguttst drëm bekëmmert? An enger butzeger Zeitung, der UNIO'N/Obermosel, huet de Camille Linden sech entwutzt, fir eiser Sprooch e Gesiicht an der Press ze ginn... eng intressant Initiativ, ower et huet ee besser, net vun zevill no dra kucken ze goen (cf. Nationalbibliothék); dat 'Lëtzebuergesch' war wierklech grujeleg, an ee Gléck net vu laanger Dauer! Dat néidegt 'didaktescht Gespier fir bei d'Leit' war net dohannert; e Jurist a feine Mann geet net fir alles duer.

Dunn ass dann en Usaz an der Schoul gemaach ginn... deen an der Aremseilegkeet vun engem lächerlechen Orthographie-Sträit ënnergong, téscht Welter-Engelmann /Margue-Feltes... hei hu mir e giedlegt Beispill, wéi d'Kand (Sprooch) mat der Bidden (Schreifweis) ausgeschott ginn ass. Iwwer den Detail huet ee besser net ze schwätzen, well d'Nokomme sinn deer ganz kriddeleger...

**Glécklecherweis huet d'Spezialiste-Commissioun fir den Dictionnaire Fous bei Mol gehal an sech vun deem Trauerspill net ënnerkréie gelooss;** si ass mat hiner an den 30er Joeren ugefaangener Aarbecht virugefuer an huet 1951 dat éischt Heftche vun hiner enormer Samelaarbecht an den Drock ginn... domat hat d'Lëtzebuergesch trotz alle streiderege Kauzekäpp eng Zort offizielle Fong; dichteg a fläisseg Leit hu geschafft ewéi Benediktiner... leider zevill 'diskret' a schlecht gestäipt, souzesoen als Alibi. Hire Sekretär, de Professor Robert Bruch – ee vun eise beschte Käpp aus dem 19. Joerhonnert – huet d'Schreifweis-Fro op eng magistral Fassong direkt fir deen 1. Band vum 'offiziellen' Dictionnaire an d'Rei gesat... dat war d'Sprangbriet fir déi schréffleche Situatioun vum Lëtzebuergesch wéi mir si haut kennen. Si ass wonnerbar, an d'Actioun-Lëtzebuergesch ass net onschëlleg bei der Preparatioun vum 'Terrain' fir déi Entwécklung!

Mat senger wëssenschaftlecher, ower net manner populärer Leeschtung huet deen eminenten, leider mat 39 Joer gestuerwene Linguist, villen Intressente Courage gemaach, sief et den normale Schreiwerten, den Dichter oder den Editeuren. Ee vun de wichtigste Punkte bei deer ganzer Situatioun war ganz sécher **dee klengen Deel vu Lëtzebuergesch am BRUNNEN 1** vum Nik. Hein a Jos. Groben, wou een nei Gesiicht (Reuland, Keup, Schroeder...) an engem frësch-genésegge Lëtzebuergesch konnt 'schmaachen'; dat alles dierft och e **Fernand Hoffmann net kal gelooss** hunn, deen sech duerno un 2 Bänn vum der Lëtzebuergesch Literaturgeschicht ginn huet... déi leider zënter bal 50 Joer op eng Aktualisatioun an en 3. Band waarden. An dunn?

Mä dunn hu mir 1971 **eis Actioun-Lëtzebuergesch gegrënnt, déi eiser Sprooch iwwerall do weidergeholfen an eng Plaz verschafft huet, vun deer kee virdu gedreemt hat an hätt.** Dat gong natierlech net ëmmer oui Knäll a Kniet a Knätzelen, Agressivitéit, Verdréinugen an esouguer Gemengheeten; mir hunn äis all eefälleg, total iwwerflëssig Topereie vun arrogante Klatzkäpp oder einfach Naid a schlechtem Wëlle misse gefale loosse; de 'Weenchen' ass ower konsequent a roueg virugefuer, dofir liest dir jo och **haut an eiser KLACK N°180.** Eise 'Jabel' hat esouguer 1984 d'Gesetz vum Lëtzebuergesch als Nationalsprooch gelueden an 'opgerichtet', ower ni oui eis praktesch Sproochesituatioun ze respektereieren!

**Datt de Poopst muer (grad ewéi fir Chrëschttag) 'Urbi et Orbi' d'Lëtzebuergesch och extra an hiner Sprooch begréisst...** eng super-sympathesch Saach, déi ee vun eisen éischte Membren, den Här Bëschof Jean Hengen, 1985 extra zu Roum beim Jean-Paul II an d'Vei gemaach huet. Fir deenen oder dee jo vläicht 'net wichtig'? Mir bleiwen tolerant... och fir déi, déi generell net e sëllechen iwwerleeën!

## Fir ze grimmelen

**Probéiert emol déi kleng Saachen hei an eng aner Sprooch ze iwwersetzen...** dann iwwerzeegt dir iech selwer, datt d'Lëtzebuergesch ower net esou aaaaaaarm ass.

- *De Männi hat dem Papp seng Spektiv fale gelooss, dunn huet hien eng fatzeg gefacht kritt.*
- *De Mett huet um Claude gebengelt, bis datt en him seng Jicken/Bueteren/Mierbelen/Agaken ofgegotzelt hat; duerno guff dann domat gerizelt, bis dee Klatzkapp déi blénkeg Bommen och ewechgebotzt hat.*
- *Deen ale Klunschert hat eng ferm am Biz; d'Kanner op der Klunsch hunn hien ausgegréngt.*
- *Dee Klengen hat eng gestiicht, du krut hien eng gewéitscht... mä de Papp huet ower bekäppt, datt hien dem Jong am Fong ongläich gedunn hat.*

## GENERALVERSAMMLUNG 2012

Mir haten äis op den 21. Abrëll fir eis Generalversammlung eens gemaach. Gesondheetlech Problemer bannent dem Comité maachen dat ower **fir den Ament praktesch onméiglech.**

Mir soe merci fir d'Versteesdemech vun eise Membren a Frënn, datt mir **d'Versammlung am Hierscht** halen, an datt si dofir an deser Zeitung iwwer de Wee vun der **KLACK** vum **6. Oktober** invitéiert ginn (Eis Caisse ass statuteméisseg kontrolléiert a kargesond).

Wien seng Cotisatioun nach net iwwerwisen huet, sollt dat wannechgliff maachen.

vum Lex Roth



## Eises

Dir wésst, datt mir zu eiser fënnef Leit vrün e puer Joer e ganz Buch (180 S.) zesummegesat hunn, **an deem Dausende vun Ausdréck ënnerenee stin, déi ganz oder deelweis typesch fir d'Lëtzebuergesch sinn.** Dofir heescht dat Buch dann och einfach EISES. Natierlech bleibt esou e Buch ëmmer 'aktuell', well de Käer dovun deeselwechte war an ass. Dofir hu mir et schonn dacks genuch drécke gelooss, fir datt mir der ëmmer 'op der Säit' hunn. De Präiss ass esou gehal ginn, datt jiddereen sech et leeschte kann: 7,50 € /+eventuell de 'Porto'; dat gëtt ee fir eng Spaghetti oder eng Pizza! Dir kritt et a jidfer éierbarem Bicherbuttek (EISES / Actioun-Lëtzebuergesch ISBN-10 : 2-87989-038-1) **oder op enger vun eisen Adressen hei uewen... an da kënt dir iech oder och aner emol selwer froen, wat all déi lëtzebuergesch Ausdréck op Däitsch oder/an op Franséisch heeschen.** Plazeweis eng haart Noss. Dir wäert iech wonnen!

Huelt emol z.B. e Wuert wéi **'eng Kopp'**. Natierlech gëtt et 'Kuppe' am Däitschen, mä wéi ass et da mat *'eng iwwer d'Kopp kréien / eng an der K. hunn / iwwer d'K. goen?'* Probéiert engem op Däitsch/Franséisch ze explizéieren, déi kleng Modi hätt **'eng Schépp' gemaach**. Da verstéet jiddereen séier, datt d'Lëtzebuergesch, bei allem Afloss aus deenen anere Sproochen, och säin eegent Liewe féiert... datt mir EISES hunn. Verschafft iech et!

## Sproochentwécklung/-evolutioun

Wann ee mam Sproochféngerchen op muttwëlles erbäigebuertent Däitsch oder Franséisch weist, komme vun deenen onméiglechte Leit Ursaachen, déi dacks einfach topeg sinn. Eng dovun: **Eng Sprooch evolueiert, si entwéckelt sech.** Natierlech kommen a jidfer Sprooch nei Ausdréck fir nei Begrëffer op; dat gëtt et, mam selwechte Versteesdemech, och an eiser.

Alles, wat et an der Zäit vum Michel Rodange, dem Dicks, dem Lentz nach net ginn ass, krut och bei äis en Numm; huelt emol dat immenst **technescht Gebitt.** D'meescht si mir do mat deenen anere Sprooch 'weidergelaatscht' (Téléphon, Radio, Auto, Pedal, Télévisioun, Pneu...). **Guff et eppes net méi, da sinn d'Wierder dofir och no an no verschwonn** (Känki, Schacko, Rompaass, Haascht, Rälach, Tucker, Bëlles...).

Datt ower *'schnell, oft, inner-lober-lauserhalb, andauernd...'* – aplaz (anstatt?) **séier, dacks, bannent/uewent, bausst, an engem Stéck...** – mat der Evolutioun vun eiser Sprooch ze dinn hätten, ass einfach eng Kueberei, net wou an esouguer onéierlech. Iwregens: *'Kueberei'* ass e lëtzebuergesch Wuert, dat knapps 50 Joer al ass... wésst dir wou et hierkënn?

## Mäifel kachen...

Dat Wuert aus deser klenger Iwwerschrëft ass ewell typesch eiser eent... ower wien denkt dodrun? Oder wie weess (nach), wat *'eng Wal ofkachen'* heescht, a wie schwätzt nach vu *'lues goe loosse'* oder *'brutschen'* aplaz vu 'köcheln'; iert d'Waasser un d'Kache kënn, fänkt et un ze *'wibbelen'*, och nach ze *'sizzeren'*... gewosst? Eng Zos, déi ee méi laang 'goe' léisst, déckert net op däitsch an, gëtt och net 'reduziéiert', mä si *déckt*. Firwat ass eis *'Zalätsche'* verluer gaang a vun der *'Zaloteschossel'* verdréckt ginn? Schmaacht et besser, wann een e *'Couvert'* huet wéi *'Läffelschier'*?

Natierlech gëtt et och an der *Kichen nei Saachen, déi eis Ur-Bomi net kann huet*; dat huet net verhënnert, datt nach Dosene Joeren no hir vun hirem Kascht geschwat ginn ass... well **si wousst och nach, wéi d'Kraider op Lëtzebuergesch gengen heeschen**... a mir? Si hat kee Mixer an emol keng *'Passe-vite'*, dee gelungenen Ausdröck, wou am Franséischen aus der *'passoire'* de Markennumm hänke bliwwen ass. Bei eise sëlleche Kachbicher wier an der Plaz vun e puer *'Meeschter-Photoen'* eise Kiche-Vocabulaire vläicht och emol eng gutt Saach...

## Spueren/spieren/späeren

Wann een eng Grimmel oppasst, dann hëlt ee ganz licht anuecht, datt mir Lëtzebuergesch e sëlleche Vokalen einfach net unhale kënnen, si wutschen äis ewech... bis bei de Weelzer, déi se drolegerweis einfach laangzéien: *d'Kaand hoat ee schwarzen Hoond kri(i)it*.

Si hunn do-owen och kee Krämpes fir 'sporen, spieren a speeren' ausereenzehalen; déi Wëlzer kennen am Fong deen absolutt typesche 'Rutschvokal' net, dee praktesch soss am ganze Land dohem ass. Do gëtt aus *i* en *ie*, aus dem *u* en *ue*, dann och nach en *oe* an en *ae* aus dem *o* oder dem *a*; dat ginn dann am Fong Duebellaute (Diptongen) wéi *den ei, den au, den eu*... mat deenen een an engem Cours e Fransous ka geckeg maachen; sot emol et soll deer een iech noschwätzen: *Muer fuere véier Fraen d'éischt e gedelegen huelen*... da laacht dir iech futti!

Dohier schéngt dann och eisem Korrespondent, dem Här Ed. Kayser seng Fro iwwer den Ënnerschied téscht 'spueren, spieren' ze kommen, vläicht och nach 'späeren'. Wéi giffen déi Wëlzer soen? *Mir hoa gespuurt, datt mir misste sporen, dunn hoa mir d'Keess gespaort.* Mä, wéi ewell sou dacks gesot (a vläicht ellen dofir bekuckt ginn): domat keent een nick iwwer Wolz eraus...

## Feierlech!!!

**Firwat gi mir bei bestëmmte Geleeënheeten esou schrecklech feierlech,** zesoen op Stellen, an anere Wierder esou 'houdäitsch'? Et geng dach kengem afalen, engem ze soen, hie giff him säi **Merci 'entgéintbréngen'**, oder? Och Sympathie weist oder gëtt een engem Mënsch; firwat och déi *'erweisen/bidden/entgéintbréngen'*. Grad esou ass et mam Bäilee, dat een engem einfach ka ginn, soen, weisen oder schreiwen.

Et heescht nawell gär, eis Sprooch wier fir déi 'héich' Saachen net gutt genuch. Dat stëmmt natierlech fir philosophesch Texter... mä, wann et da muss sinn, da kënnen mir äis déi dach op d'mannst an 2 oder esouguer 3 Sprooch leeschten. Deelweis léisst sech alt nach doriwwer diskutéieren, well d'Griechesch oder d'Latäin do och iwwerall mussen eng Hand upaken.

**Wat ass 'einfach' dach ower dacks... schwéier, geldir!** Hei gëtt et esou e schéinen 'Denksaz' am Franséischen: *Ce qui se conçoit bien s'énonce clairement... et les mots pour le dire viennent aisément.*